ISSN : 2535-9029
automne/hiver 2024 **N°15**

# YOUTHMAG

Le magazine pour le secteur de la jeunesse



## ENTWÉCKLUNG VUM SECTEUR

Zesumme staark fir déi Jonk

## AUS DER WËSSENSCHAFT

Die Studie mit Stimmen vom Feld

## AM GESPRÉICH

Wann d'Animatioun stëmmt, kritt een déi Jonk och ze paken

snj Service national de la jeunesse

# **JUGENDPRÄIS** 2025

Dir hutt e flotten an innovative Jugendprojet realiséiert?
Da schéckt bis den **31. Dezember 2024** är Kandidatur
iwwer **jugendprais.lu** eran!

10 Joer

Spezialpräisser
**Creativity** & **Europe**

## One for...



### ...ANOTHER

Hei geet et ëm all Projet dee sech fir aner Leit asetzt a géigesäiteg Hëllef stäerkt.

### ...SCIENCE

Projeten, déi sech mat Wëssenschaft, Technik an Ëmwelttheemen auserneesetzen, sinn an dëser Kategorie gutt opgehuewen.

### ...CHANGE

An dëser Kategorie geet et ëm Projeten, déi ureege sech aktiv un eiser Gesellschaft ze bedeelegen an déi probéieren eis Gesellschaft zum Positiven ze veränneren.

### ...EVERYTHING

Bis elo huet keng Kategorie op äre Projet gepasst? Kee Problem, an dëser Kategorie kommen all déi aner flott Projeten an Initiativen änner!


Organiséiert vum

snj Service national de la jeunesse

Mat der Ënnerstëtzung vun

anefore

Cofinancé par l'Union européenne

Fondation Sommer

# SOMMAIRE




**ENTWÉCKLUNG VUM SECTEUR**

E staarke Jugendsecteur fir staark Jonker ........ 05
Zesumme staark fir déi Jonk ........ 06
En Narrativ fir de Jugendsecteur ........ 08

**AUS DER WËSSENSCHAFT**

Eine Studie mit Stimmen vom Feld ........ 10
Die JuBi-Studie: Erfahrungen der Jugendlichen mit Jugendarbeit ........ 13

**AGENDA**

Les dates à ne pas manquer ! ........ 16

**AM GESPRÉICH**

Wann d'Animatioun stëmmt, da kritt een déi Jonk och ze paken ........ 18

**ECHANGE MAM SECTEUR**

Den SNJ am Austausch mam Jugendsecteur ........ 24
Aussoe vu Jonken a Professionnellen ........ 26

**Impressum :**
YOUTHMAG - Le magazine pour le secteur de la jeunesse

**Coordonnées :**
Service national de la jeunesse
L-2926 Luxembourg

**Rédaction :** Service national de la jeunesse avec le soutien de rédaction de : MENJE, Laura Tomassini

**Vos suggestions à :**
mag@youth.lu

**Mise en page :**
Graphisterie Générale / Kehlen

**Crédits photos :** MENJE, SNJ, FNEL et tous les autres qui ont été éventuellement oubliés.

**Papier :** FSC sources mixtes

**Impression :** Reka

**Tirage :** 1300 exemplaires

**ISSN :** 2535-9029

**Édition automne/hiver 2024**

La reproduction non-commerciale, non-modifiée et la distribution sont expressément autorisées à condition de citer la source. Imprimé au Luxembourg.



# E staarke Jugendsecteur fir staark Jonker

De Jugendsecteur ass zu Lëtzebuerg ganz vilfälteg: mir hunn e gutt Netz vu Jugendhaiser, eng Rëtsch spezialiséiert Servicer a staark benevole Organisatiounen. Zesummen erfëllen dës Strukturen eng wichteg Roll fir déi Jonk: d'Jugendhaiser bidde Plazen, wou déi Jonk sech treffen an zesummen eppes ënnerhuele kënnen. Si initiéiere Projeten a proposéieren interessant Aktivitéiten. Dat edukatiivt Personal huet en oppent Ouer fir den Eenzelen, informéiert a schléit – wann néideg – eng Bréck zu Servicer, déi dem eenzele Jonke weiderhëllefe kënnen. D'Jugendorganisatioune sinn och Plazen, wou Jonker sech begéinen, zesummen eppes erliewen oder hir Projete realiséieren. Vill vun hinnen hu sech zur Aufgab gesat, eppes an der Gesellschaft ze bewierken a se maachen dat och. Donieft hu mir eng Rei spezialiséiert Servicer an de Beräicher Partizipatioun, Kreativitéit an Informatioun. Méi rezent ass nach e Volet "Jugendwunnen" dobäi komm.

Et ass e klengen, mee e wichtegen an diversifizéierte Secteur. Duerfir, mee och fir de Regierungsprogramm gutt ëmsetzen ze kënnen, hunn ech decidéiert de Service national de la jeunesse weider ze stäerken. Den SNJ ass als eenzege Service vum Ministère fir de Jugendsecteur zoustänneg a krut als Optrag dëse weiderzebréngen. De Jugendsecteur mat senge bestëmmte Charakteristiken verdéngt eng Eegestännegkeet.

E staarke Jugendsecteur ass méi wichteg wéi jee. An enger Zäit, wou eis Welt ëmmer méi digital gëtt a Jonker vill Zäit virun Ecrane verbréngen, wou sozial Medien d'Opfaassung vu Frëndschaften an Zesummesi veränneren, erfëllt d'Jugendaarbecht eng entscheedend Funktioun als Géigegewiicht zur virtueller Welt. Duerch hir ofwiesslungsräich Offer un analogen Aktivitéite bitt si de Jonken eng optimal Plattform fir méi präsent an aktiv an der "realer" Welt ze sinn.

D'Jugendaarbecht spillt och eng entscheedend Roll fir di sozial a mënschlech Entwécklung vun de Jonken. Souwuel déi direkt a konkret Erfarunge wéi och déi sozial Momenter droe weesentlech zu hirem Wuelbefannen an enger gesonder mentaler a physescher Entwécklung bäi.

De Jugendsecteur bitt net nëmmen eng Plaz, wou Jonker zesummen Zäit verbréngen. E bitt hinnen d'Méiglechkeet, sech duerch déi verschidde Fräizäitaktivitéite perséinlech weiderzeentwéckelen, hir Fäegkeeten ze entdecken an hir Kreativitéit ze entfalen. Si léieren net nëmmen, hiert Potenzial ze entfalen, mee och Verantwortung ze iwwerhuelen an autonom ze handele fir zu staarken a selbstbewosste Bierger erunzewuessen, déi opgekläerten Entscheedungen treffen a gläichzäiteg fest an der Gesellschaft verankert sinn.

Dat alles ass de Leit am Jugendsecteur bewosst, mee ausserhalb manner bekannt. Duerfir ass et wichteg, datt mir elo zesummen e kloert Bild vun der Jugendaarbecht am Jugendsecteur kréien. Dat fir zesummen un engem Strang ze zéien an awer och fir d'Aarbecht dobausse gutt duerstellen ze kënnen.

Villes gouf déi lescht Méint op verschiddene Plattformen diskutéiert an op den "Assises du secteur de la Jeunesse" maache mir de Bilan vun den Echangen a kucken zesummen an d'Zukunft. Mir wëllen eng Dynamik lasstréppelen, well mir brauchen e staarke Jugendsecteur fir staark Jonker. Mir zielen op iech a wëssen elo schonn, datt mir op iech baue kënnen.

**Claude MEISCH**
Minister




# Zesumme staark fir déi Jonk

Am Kader vun der interner Reorganisatioun vum Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend, krut de Service national de la jeunesse d'Missioune vum « Service Jeunesse » iwwerdroen, deen domat opgeléist gouf. An deem selwechte Kader huet den SNJ seng Aufgaben am Kannerberäich an an der Formation continue un eng nei Entitéit am Ministère ofginn. Dës Reorganisatioun ass - zumindest administrativ - ofgeschloss, och wann nach Opbauaarbecht am SNJ ze leeschten ass.

Mir freeën eis op déi nei Erausfuerderungen a sinn iwwerzeegt, datt d'Ännerungen am Interêt vum Jugendsecteur, an domat vun de Jonken, sinn. Well fir den SNJ bedeit dat, datt e seng ganz Energie op d'"Jeunesse" konzentréiere kann. Fir d'Leit aus dem Jugendsecteur, an doriwwer eraus, bedeit et, datt et elo eng eenzeg Ulafstell fir de Jugendberäich am Ministère gëtt. De Kontakt gëtt méi einfach an d'Weeër méi kuerz.

Den SNJ huet sech elo – nieft enger Rei spezialiséierte Servicer - an 3 grouss Divisiounen organiséiert. D'Divisioun "Soutien à la transition vers la vie active" kontaktéiert systematesch d'Schoulofbriecher a sicht inaktiv Jonker op, fir hinne Berodung, mee och konkret Alternativen zu der Inaktivitéit unzebidden. Hei geet et ëm d'Ënnerstëtzung vu Jonken a ganz spezifesche Phase vun hire Liewen. Dës Divisioun zeechent sech duerch hir staark Vernetzung innerhalb vum Ministère, mee och mat anere staatlechen an ausserstaatleche Servicer aus. Hire Motto ass: „No beim Jonken".

D'Divisioun „Offres pédagogiques" bitt edukativ Aktivitéite fir Gruppen un. Hei geet et drëm, d'Aarbecht vun der Schoul ze ergänzen, ouni schoulesch ze sinn. Beim Opbau vun neien Offere gëtt geziilt gekuckt, wat am schoulesche Kontext nëmme schwéier geleescht ka ginn an eenzel Programmer goufen op ganz explizit Demande vum Educatiounsminister ausgeschafft. Zil vun dëser Divisioun ass et, de Jonken nei, flott a léierräich Erfarungen ze erméiglechen. Si zeechent sech duerch hir staark pedagogesch Ausriichtung aus. Hire Motto ass „Erliewe beim SNJ".

Fir déi nei Aufgaben, déi duerch déi intern Reorganisatioun op den SNJ duerkoumen, ze assuréieren, hu mir – nieft dësen zwou Divisiounen - eng nei Divisioun opgebaut. Dës dréit den Numm „Développement du secteur de la jeunesse". Den Numm ass dobäi Programm: d'Divisioun huet als Aufgab mam Jugendsecteur zesummenzeschaffen, fir d'Offere fir Jonker auszebauen. Et sinn d'Leit aus dëser Divisioun, déi Uspriechpartner fir d'Jugendorganisatiounen a - servicer sinn. Si maachen de Suivi vun de Konventiounen, ginn an d'Plattformen, organiséieren den Dialog mam Secteur an entwéckelen nei Offere mat den Acteuren.

Et gi 4 regional Büroen: zu Esch, Ettelbréck, Gréiwemaacher an an der Stad. D'Leit an dëse Büroe sinn do fir d'Jugend-




haiser a fir lokal oder regional Servicer, déi mat Jonke schaffen. Si sinn och do fir déi benevole Jugendorganisatiounen, déi eng wichteg Roll an eisem Secteur spillen. Mir hunn eis virgeholl, fir no bei den Acteuren ze sinn, duerfir déi regional Opstellung. Et gëtt nieft de regionale Büroen eng Equipe um Siège, déi op verschiddenen Dossiere schafft.

Déi intern Reorganisatioun am Ministère ass kee Selbstzweck. Et soll eng nei Dynamik am Secteur entstoen. Mir sinn der Meenung, datt nach méi am Secteur stécht! Duerfir hu mir déi lescht Méint intensiv op zwou Achse geschafft: dem „Bild vum Jugendsecteur" an dem „strukturéierten Dialog mam Jugendsecteur".

Ënnert „Bild vum Jugendsecteur" versti mir dat, wat eise Secteur ausmécht: d'Missiounen, d'Angeboter, d'Approchen an d'Methoden. Och d'Grenze mat anere Secteure gehéieren dozou. An den éischten „Rendez-vous du Cadre de référence" huet sech erausgestallt, datt et do e grousse Klärungsbedarf gëtt a mir wëllen op déi vill Froen Äntwerte proposéieren. Wa mir eis eens sinn, wat d'"Bild vum Jugendsecteur" ass, gëtt et och méi einfach op aner Demanden, déi ëmmer nees formuléiert ginn, reagéieren ze kënnen. Eng dovun ass zum Beispill d'Jugendaarbecht besser no baussen ze „verkafen". Mat engem klore „Bild vum Jugendsecteur" gëtt d'Kommunikatioun méi einfach an d'Visibilitéit vum Secteur mëttelfristeg besser.

> **"Déi intern Reorganisatioun am Ministère ass kee Selbstzweck. Et soll eng nei Dynamik am Secteur entstoen. Mir sinn der Meenung, datt nach méi am Secteur stécht!"**
>
> **Georges Metz**

Bei den Aufgabe wäert de Volet „Animatioun" eng méi wichteg Roll kréien. Ënnert „Animatioun am Jugendsecteur" versti mir net eng rout Nues undinn an de Clown virum Publikum spillen. Mee an eiser Aarbecht geet et vill drëm, de Jonken ze „animéieren" aus sech selwer erauszegoen: seng Méiglechkeeten ze entdecken, Neies ausprobéieren fir esou säin eegene Wee ze fannen. Oder e Grupp vu Jonken „animéieren" bei enger Aktivitéit matzemaachen, zesummen e Projet auszeschaffen an auszeféieren. Et ass „Animatioun" am Sënn vu „Motivatioun" an „Ënnerstëtzung".

Ënnert „strukturéiertem Dialog" versti mir e systemateschen an transparenten Austausch mat den Acteuren aus dem Secteur. Dësen ass wichteg, wa mir zesumme weiderkomme wëllen. Et geet dobäi net nëmmen ëm e bilateralen Echange mat all eenzele Service (z.B. iwwer d'Plattformen), mee drëm Plazen ze schafen, wou eng gemeinsam Reflexioun an Diskussioun iwwer d'Weiderentwécklung vum Secteur gefouert ka ginn. Do stelle mir eis engersäits Reunioune vir, wou de strukturelle Kader diskutéiert ka ginn, an anerersäits Renconteren, wou et méi ëm den Inhalt geet.

Tëscht Juli an Dezember goufen et vill Echangen an Iwwerleeungen dozou an d'Conclusioune sinn, nieft de Perspektive vum Secteur, een Thema vun den éischten „Assises du secteur de la jeunesse". Dës wäerten e fixe Bestanddeel vum „strukturéierten Dialog" mam Secteur sinn an déi éischt Editioun ass fir eis de „kick off" vun engem laangfristege Prozess, mat deem mir dat ganzt Potential vum Secteur notzen an ausbaue wëllen.

Ech hoffen, dir liest aus dësem Artikel eraus, wéi motivéiert mir beim SNJ si fir de Jugendsecteur weiderzebréngen. Mir wëssen, datt mir dat awer nëmmen erreeche kënnen, wa mir mat den Acteuren um Terrain zesummeschaffen. Si ginn net nëmme gebraucht fir d'Ëmsetze vun der Jugendpolitik, mee och hir Erfarungen, Iddien an Iwwerleeunge si wesentlech fir d'Weiderentwécklung vun den Offeren.

Mir musse Partner am Interêt vun de Jonke sinn. Ech hu keen Zweifel drun, datt mir do op enger Wellelängt sinn a freeë mech op d'Zukunft !

**Georges METZ**
Direkter

# En Narrativ fir de Jugendsecteur

D'Acteuren aus dem Jugendsecteur hunn oft d'Gefill, datt hir Aarbecht net genuch beim breede Public bekannt ass an och net richteg unerkannt gëtt. Reegelméisseg gëtt gefrot, dach emol eng Promotiounscampagne ze starten. Dat ass bis elo nach net geschitt, vläicht och well et bis elo keng richteg Äntwert op d'Fro gouf, wat bei wiem an esou enger Campagne vermëttelt soll ginn. Deem Problem wëlle mir eis als Service national de la jeunesse elo unhuelen.

Ier ee vu Promotioun schwätzt, ass et noutwendeg sech driwwer eens ze ginn, fir wat de Jugendsecteur steet. Nëmme wann d'Ëffentlechkeet, d'Elteren, d'Institutiounen an d'Organisatioune verstinn, wat eis Ziler sinn, wat fir eng Wäerter mir vertrieden, wéi mir schaffen a wat fir Angeboter mir hunn, schafe mir Interessi un eiser Aarbecht. Wann ee selwer am Alldag am Secteur schafft, fënnt een et warscheinlech eng Evidenz. Mee well de Secteur ganz diversifizéiert ass, ass et guer net esou kloer, wéi ee vläicht mengt. Mee déi lescht Zäit gouf et eng Rei Geleeënheeten fir iwwer d'Jugendaarbecht auszetauschen, sief et op de "Rendez-vous du Cadre de référence", de "Modul A"-Formatiounen oder a bilaterale Gespréicher. Dat war eng ganz gutt Basis.

Mir hunn decidéiert, d'"Geschicht" vum Jugendsecteur iwwer eng Rei Biller a Sloganen ze erzielen. Dat well et esou am kloersten an am einfachsten ze verhalen ass. Et huet eis gezwongen, eis op dat Wesentlecht ze konzentréieren, wat eng interessant Übung war. Mir sinn zur Conclusioun komm, datt mir mat de Sloganen hei drënner eise Secteur gutt beschreiwe kënnen:

- mat "Jonker staark maachen" resuméiere mir **eis "Raison d'être"**;
- mat "Plaz fir Jonker", "Jonker zesummebréngen", "Eng Stëmm fir Jonker", "Brécke baue fir Jonker" **eis Missiounen**;
- a mat "Do si fir Jonker", "Jonker encouragéieren" a "Verantwortung fir Jonker" **eis Approche**.

Mir erhiewen net den Usproch, domat alles ofgedeckt ze hunn, mee dat Wesentlecht ass do. An der Brochure *E staarke Jugendsecteur fir staark Jonker* gëtt méi am Detail erklärt, wat sech hannert dëse Slogane verstoppt.

D'Sloganen an d'Serie vun Affichen, déi entwéckelt goufen, sinn den Ufank vun enger Kommunikatiounsstrategie fir de ganze Jugendsecteur. Déi kann nëmme geléngen, wann all d'Acteure matmaachen a si sech déi appropriéieren. Duerfir zéckt net, d'Visuellen ze notzen. Wann een dovu soll ugepasst gi fir besser op déi eng oder aner Organisatioun ze passen, da mellt iech bei eisem Service communication: **communication@snj.lu**

Dëst ass en éischte Schrëtt. An engem nächste wäerte mir mat den Acteuren aus dem Jugendsecteur eng Campagne fir den Hierscht 2025 plangen, déi mir eventuell mat "Portes ouvertes" begleede wëllen. Mir freeën eis op dëse Projet !

# Jonker staark maachen



De Jugend-secteur

Jugendhaiser Jugendorganisatiounen Jugendservicer

Eng Stëmm fir Jonker

Verantwortung fir Jonker

Do si fir Jonker

Plaz fir Jonker

Brécke baue fir Jonker

Erfarunge fir Jonker

Jonker zesumme bréngen


Jonker encouragéieren

# Eine Studie mit Stimmen vom Feld

**Die PYL-Studie zum Selbstverständnis von Jugendarbeiter:innen läuft noch bis 2025, das Forschungsteam (siehe Infobox) erklärt jetzt schon, warum die Studie wichtig ist und wie die Ergebnisse zur besseren Definition von Jugendarbeit in Luxemburg beitragen können.**

Was ist Jugendarbeit in Luxemburg? Diese Frage schwebt bereits seit Jahren im Raum, ohne dass sie eine einheitliche Antwort findet. Eine konkrete Definition von dem, was Fachkräfte und Ehrenamtliche als Jugendarbeiter:innen genau leisten, existiert zurzeit nicht, dennoch gibt es verschiedene Rahmenkonzepte und Gesetze, an denen sich in der Theorie orientiert wird. Doch wie verstehen Jugendarbeiter:innen selbst ihre Rolle? Was erkennen sie als ihre Kompetenzbereiche, worin sehen sie Grenzen zu anderen Feldern und was ist der Mehrwert, den sie mit ihrer Begleitung von Jugendlichen und jungen Erwachsenen kreieren?

Genau diese Fragen sollen zwischen 2023 und 2025 Jugendarbeiter:innen selbst beantworten. Die "Perspectives on Youth Work in Luxembourg", kurz PYL-Studie, soll Aufschlüsse über das Selbstverständnis der im Jugendsektor Tätigen liefern, um so Anhaltspunkte für eine mögliche Berufsdefinition zu liefern. Im Auftrag des Ministeriums für nationale Bildung, Jugend und Kindheit analysieren die Forscher:innen über zwei Jahre via Fragebögen, wie Jugendarbeiter:innen die Umsetzung ihres Bildungsauftrags in ihrem Berufsalltag wahrnehmen, welchen Challenges sie begegnen und wie sie die Bedürfnisse von Jugendlichen erleben.




Ziel der PYL-Studie ist es, das Verständnis von Jugendarbeit, in einem immer breiter gefächerten, heterogener werdenden und komplexeren Feld, aus der Perspektive der Professionellen und Bénévolen zu klären. "Aus den öffentlichen Diskursen sowie Studien der letzten Jahre hat sich immer wieder herausgestellt, dass im luxemburgischen und europäischen, respektive internationalen Kontext teils sehr unterschiedlich definiert wird, was Jugendarbeit eigentlich ist", so Sandra Biewers. Anhand einer Online-Befragung und anschließend geplanter Workshops für Jugendarbeiter:innen wolle man dieser Tatsache nun auf den Grund gehen und analysieren, wie sich das Feld selbst versteht.



> **“Mit der Studie wollen wir dabei helfen, dem Ganzen die richtigen Worte zu geben, um so eine bessere Visibilität für Jugendarbeit zu schaffen und auch mehr Anerkennung für alle, die sie leisten”**
>
> **Dr. Sandra Biewers**


Die Themen reichen dabei von Qualitätssicherung der eigenen Arbeit, Zielen und Herausforderungen, über Dinge, die Jugendliche im Alltag beschäftigen bis hin zur Einschätzung der eigenen Kompetenzen und des Mehrwerts, den man mit seiner Arbeit kreiert. “Diese Analyse ist sehr interessant und auch wichtig, denn der Diskurs besteht schon seit vielen Jahren und verändert sich, denn Jugendarbeit orientiert sich stets an den Interessen und Bedürfnissen von Jugendlichen und dadurch, dass sich ihre Lebenswelt immer wieder verändert, wandelt sich auch das Verständnis von Jugendarbeit”, so Biewers.

Eine große Frage sei die der Zuständigkeit: Was fällt unter den Bereich der Jugendarbeit und ab wann stößt man als Fachkraft oder Bénévole an seine Grenzen und muss eine:n Jugendliche:n an andere, spezialisierte Anlaufstellen orientieren? “Es gibt zahlreiche Schnittstellen etwa zur Sozialarbeit, aber eben auch Grenzen und diese gilt es zu definieren”, betont Biewers. In Luxemburg existiert keine Grundlagen-Ausbildung für Jugendarbeiter:innen, zwar zahlreiche Weiterbildungen, aber eben keine einheitliche Basis und dies führt zu unterschiedlichen Verständnissen. “Es geht bei der Studie auch viel um das Erstellen eines Selbstbildes. Lehrkräfte etwa können ganz klar definieren, was ihre Arbeit ist, aber Jugendarbeit ist so breit gefächert, dass viele dies eben nicht genau wissen”, erklärt Anita Latz.

Teilweise bestehe in der Gesellschaft ein ganz anderes Bild von Jugendarbeit als das, was sie wirklich ist, nämlich Bildungsarbeit, halt nur mit anderem Fokus und anderen Ansätzen als in der Schule. “Viele sehen sie als etwas chaotisch, unstrukturiert und eine Art Freizeitbeschäftigung, erkennen dabei aber nicht ihren Bildungsaspekt”, so Daniel Weis. Es stelle sich immer wieder heraus, dass auch unter Jugendarbeiter:innen nicht immer Einigkeit über die nötige Terminologie für ihre Arbeit besteht, obschon sie diese in der Praxis tagtäglich anwenden. “Mit der Studie wollen wir dabei helfen, dem Ganzen die richtigen Worte zu geben, um so eine bessere Visibilität für Jugendarbeit zu schaffen und auch mehr Anerkennung für alle, die sie leisten”, betont Biewers.

Ob im Jugendhaus, in Jugendverbänden, -organisationen oder -beratungsstellen: Überall dort, wo mit Jugendlichen gearbeitet wird, findet auch Bildung statt, also “viel mehr als nur Kickerspielen”, so Weis. Stichwort “Life Skills”, also all jene Kompetenzen, die Jugendliche in ihrem Leben und später als Erwachsene benötigen. Sehr interessant sei zu sehen, wie intensiv sich die Teilnehmenden der PYL-Studie in ihren Antworten mit dem eigenen Arbeitsfeld auseinandersetzen und den gegebenen Platz wirklich nutzen, um zu reflektieren. “Es gibt in den bisher gesammelten Daten kaum Gemecker über Rahmenbedingungen oder Bezahlung, sondern wirklich ein fundiertes Auseinandersetzen über den Mehrwert, den die eigene Jugendarbeit leistet”, berichtet der Forscher.

Neben der Qualitätssicherung spiele ebenfalls Netzwerkarbeit eine große Rolle in den Aussagen der Befragten sowie Erreichbarkeit, denn Jugendarbeit basiert auf Freiwilligkeit seitens der Jugendlichen. “Einerseits setzt sie natürlich an den Themen und Problemen der Zielgruppe an, andererseits kann man aber niemanden zwingen, sich in Jugendhäuser und Co. zu begeben, sodass viele Jugendarbeiter:innen sich mit der Frage beschäftigen, wie sie ihr Angebot noch sichtbarer machen können, um die Jugendlichen zu erreichen und motivieren, die eine Begleitung vielleicht am meisten brauchen”, sagt Latz. Es gebe zahlreiche Überlegungen zu einem verstärkten Kontakt zu Schulen und Maisons Relais, die Jugendhäuser zu besuchen, oder aber gemeinsame Aktivitäten mit lokalen Vereinen sowie die Einladung von Fachleuten, um Jugendlichen so den Weg zu bestimmten Beratungsstellen zu erleichtern.




**"Da Jugendarbeiter:innen in relativ niedrigschwelligem Kontakt zu Jugendlichen stehen, müssen sie erkennen, bis wohin ihr eigener Kompetenzbereich reicht und wann sie weiterleiten müssen, Stichwort Grenzen ziehen."**

Dr. Sandra Biewers

Ein weiteres Thema ist natürlich die Abgrenzung zur Sozialarbeit, denn während diese sich nur an Jugendliche mit Problemen richtet, betrifft Jugendarbeit ja alle Jugendlichen, also auch jene mit Problemen, aber eben nicht nur", erklärt Weis. Da Jugendarbeiter:innen in relativ niedrigschwelligem Kontakt zu Jugendlichen stehen, müssen sie erkennen, bis wohin ihr eigener Kompetenzbereich reicht und wann sie weiterleiten müssen, Stichwort Grenzen ziehen. Wichtig sei von vornherein im mehrsprachigen Luxemburg, die Begrifflichkeiten zu präzisieren, denn im internationalen Vergleich wird schnell klar, dass manche Begriffe hierzulande etwas anderes bedeuten als im Ausland, so Biewers.

"Der Begriff 'Animation' stammt aus dem Französischen und wird hier viel verwendet, im deutschsprachigen Raum existiert dieser mit Hinblick auf Jugendarbeit aber quasi nicht, und wenn dann nur im Kontext von Freizeit-Animation, über die Jugendarbeit ja weit hinausgeht. Wir beschreiben das Ganze deshalb lieber als Selbstbildung, die von den Jugendlichen ausgeht, für die Fachkräfte und Ehrenamtliche aber die nötigen Möglichkeiten und Rahmenbedingungen schaffen müssen", erklärt die Forscherin. Es bleibe abzuwarten, welche genauen Ergebnisse die PYL-Studie liefert und inwiefern diese in den anschließend geplanten Diskursen verifiziert oder ergänzt werden, denn genau so divers, wie das Feld der Jugendarbeit ist, sind auch seine Jugendarbeiter:innen.

"Wir wollen sehen, wie Jugendarbeit national diskutiert wird, wie dies zum europäischen Konzept des Youth Work steht, wo es ähnliche Merkmale aber auch Unterschiede zwischen dem Selbstbild von Jugendarbeiter:innen gibt und wie wir all diese Erkenntnisse zurück in die Fachpraxis führen können, um so das Thema aus Metaperspektive zu beleuchten, aber auch den öffentlichen Diskurs weiterhin anzuregen", sagt Biewers. Die PYL-Studie an sich läuft noch bis Sommer 2025, danach wird hoffentlich mehr Klarheit darüber herrschen, ob Theorie und Praxis von Jugendarbeit denn wirklich übereinanderstimmen.

**AUTOR:INNEN**

Das CCY – Center for Childhood and Youth Research ist im Department of Social Sciences (DSOC) an der Fakultät für Geisteswissenschaften, Erziehungswissenschaften und Sozialwissenschaften (FHSE) der Universität Luxemburg angesiedelt.

Die Forschungsgruppe untersucht die Situation junger Menschen aus einer interdisziplinären Perspektive mit einem multi-methodischen Zugang.

Ein Anliegen der Forschungsgruppe ist es, einen kontinuierlichen Dialog mit Politik und Jugendarbeit zu etablieren und aufrechtzuerhalten und zu unterschiedlichen Themen zu forschen.

Zum Forschungsteam des CCY gehören Anita Latz (1), Daniel Weis (2) und Dr. Sandra Biewers (3), welche gemeinsam an der „JuBi-Studie" gearbeitet haben und aktuell der „PYL-Studie" arbeiten.




# Die JuBi-Studie: Erfahrungen der Jugendlichen mit Jugendarbeit

Im Jugendhaus, bei den Pfadfindern, im schulischen Service socio-éducatif (SSE) überall dort, wo Jugendliche sich außerhalb der Schule und dennoch in einem gewissen strukturierten Rahmen aufhalten, entsteht Bildung. Stichwort: non-formale oder auch offene Jugendarbeit. Doch was genau lernen Teenager und junge Erwachsene in solchen Strukturen und wie impaktiert dies ihr späteres Leben? Die Studie zu "Bildungserfahrungen in non-formalen Settings – eine Jugendstudie über das Potenzial und den Wert bildungsorientierter Jugendarbeit" gibt Aufschluss.

Seit der Einführung des nationalen Bildungsrahmenplans 2016, aber eigentlich auch schon vorher, wird Jugendarbeit in Luxemburg neu definiert. In mehreren Studien zur Qualitätssicherung im Jugendsektor wurde analysiert, wie in der Politik Programme Jugendliche betreffend aufgestellt, diese von den Professionellen des Sektors angenommen und umgesetzt werden. Zudem wurde erforscht wie solche Implementierungsprozesse funktionieren und wie Qualität eigentlich gemessen wird. Was dabei bisher nie analysiert wurde, waren die damit zusammenhängenden Erfahrungen seitens derer, die das alles eigentlich betrifft: die Jugendlichen.

Im Auftrag des Ministeriums für nationale Bildung, Jugend und Kindheit in Zusammenarbeit mit dem CCY hat das Forschungsteam um Dr. Sandra Biewers, Anita Latz und Daniel Weis zwischen 2020 und 2022 genau dies getan. In der JuBi-Studie wurden, anhand von Beobachtungen in sieben luxemburgischen Jugendhäusern, Einzel-Interviews sowie Gruppendiskussionen mit rund 70 Jugendlichen und 17 Pädagog:innen sowie einer Online-Befragung, an der rund 100 Personen teilnahmen, durchgeführt. Die Studie sollte herausfinden, wie Bildung in non-formalen, also außerschulischen Settings, genau funktioniert und dies aus Sicht von 12- bis 30-Jährigen.

Die qualitativ durchgeführte Mixed-Methods-Studie hat dabei einige ganz klare Erkenntnisse ergeben. Die Kernaussage daraus ist, dass Jugendliche vor allem Jugendhäuser als Treffpunkte und soziale Orte erleben, an denen sie sein dürfen, wie sie sind. "Jugendliche sehen diese Orte als geschützte Rahmen, in denen sie Neues ausprobieren, Grenzen ausloten und einfach mal machen dürfen, ohne Bewertung oder Leistungsdruck, wie sie es oft aus der Schule und von Zuhause aus kennen", erklärt Anita Latz. Die sogenannte Bewertungsfreiheit ist eine klare Bedingung für den Erfolg von Jugendarbeit. Hinzu gesellt sich die soziale Anerkennung innerhalb einer Gruppe und Wertschätzung, die Jugendliche vor Ort erleben.

Allem voran steht dabei der Begriff der Selbstbildung, im Kontrast zur Wissensaneignung, wie sie etwa in der Schule stattfindet. “Es geht viel um Selbstwert und Selbstwirksamkeit, dass Jugendliche positive Erfahrungen machen, die sie in ihrer Persönlichkeitsentwicklung stärken”, so Daniel Weis. Wenn Jugendliche in einem non-formalen Setting Etappen in ihrem Leben überwinden, Fremdes erleben und mit eigenen Mitteln weiterkommen, dann sind dies alles Momente der Veränderung und Bildung, also Erfahrungen, die sie prägen und im Leben weiterbringen. Essenziell für dies ist die Anwesenheit geschulter Erzieher:innen und Pädagog:innen, die die Jugendlichen in diesem Prozess begleiten.

“Die gesamte Jugendphase ist extrem geprägt von Unsicherheiten. Es ist für Jugendliche also enorm wichtig, dass jemand da ist, der sie kennt, der weiß, was sie als Person ausmacht, mal nachfragt und dranbleibt und das über einen längeren Zeitraum. Wir sprechen da von Beziehungskontinuität”, erklärt Sandra Biewers. Zwar geschehe dies auch bis zu einem gewissen Grad zuhause, viele Jugendliche brauchen aber auch andere Erwachsene an ihrer Seite, als “nur” ihre Eltern, denn durch diese können sie vielleicht Erfahrungen machen, die sie sonst nicht erlebt hätten. “Viele der Teilnehmenden haben uns gesagt, die Erzieher hätten sie wirklich in Problemsituationen unterstützt und ihnen durch schwierige Momente geholfen. Manche Erfahrungen waren sogar so prägend, dass sie ihren Lebensweg beeinflusst haben, etwa bei der Wahl ihres späteren Berufes”, so Biewers, die die Wichtigkeit betont, dass auch ehemalige Jugendhaus-Besucher:innen an der Studie teilgenommen haben, um so eine retrospektivische Sicht auf den Impakt der dortigen Arbeit geben zu können.


Dabei gebe es natürlich klare Unterschiede bezüglich der angesprochenen Themen je nach Altersklasse, so die Forscherin: “Grundsätzlich wurde alles thematisiert, was für das Jugendalter relevant ist, sprich schulische Probleme, das Loslösen vom Elternhaus, Konflikte zuhause oder unter Freunden, aber auch das eigene Selbstbild, wie man soziale Kompetenzen entwickelt und im Kreis anderer auftritt.” Während bei jüngeren Teenagern oft eher das Spielerische angesprochen wurde, wie der Austausch mit Gleichaltrigen oder wie man Freund:innen findet, blickten ältere Jugendliche bereits eher in die Zukunft, wie sie ihr Leben gestalten möchten und wo sie eigentlich hinwollen.

Grundsätzlich helfe eine qualitativ hochwertige Begleitung seitens der anwesenden Erwachsenen Jugendlichen dabei, Konflikte besser zu lösen, sich emotional selbst zu regulieren, offener über Probleme zu reden, oder aber sich abzulenken, wenn Stresssituationen weiter bestehen. “Es sind oft ganz kleinteilige Momente, die einen Einfluss auf ihre Entwicklung haben und in denen sie sich bilden”, so Sandra Biewers. Als lokaler Nahraum seien non-formale Settings enorm wichtig als Lehrraum, dessen Rolle neben der Schule häufig im öffentlichen Diskurs unterschätzt wird. “Wir haben festgestellt, dass oft über die Notwendigkeit einer guten Schulausbildung gesprochen, dabei aber häufig ausgeblendet wird, wie die Sozialräume von Jugendlichen sich verändert haben und dass sie deshalb auch andere Orte benötigen, an denen sie lernen”, meint Biewers.

## Was ist am Jugendhaus besonders?



**BEREICHE, IN DEREN UNTERSTÜTZUNG DURCH DIE PÄDAGOG:INNEN ERFAHREN WURDE**




Was man als Jugendlicher oder Jugendliche erlebe und lerne, gehe häufig über das hinaus, was die Politik als Rahmen für Jugendarbeit vorgibt, deshalb seien qualitative Studien wie die JuBi wichtig, "um auch mal die andere Seite aufzuzeigen". Es gehe um Bildungserfahrungen, welche die Jugendlichen auch als solche erleben, also Momente, die ihren Blick auf sich und die Welt verändern, sprich transformativ wirken und zu ihrer Weiterentwicklung beitragen. Und damit dies gelingt, brauche es kompetentes Fachpersonal, das präsent ist, zuhört, nicht urteilt und empathisch reagiert, auch wenn dieses sich des Impaktes seiner Bildungsarbeit häufig (noch) nicht bewusst ist (*siehe Artikel zur PYL-Studie*).

Neben der JuBi-Studie wurden auch Jugendliche aus den Jugendhäusern in Esch, Bonnevoie und Schifflingen zu ihren Einschätzungen und Sichtweisen interviewt. Hier einige Kernaussagen:

**Alle Aussagen und Videos findet man unter:**

## Wie habe ich mich im Jugendhaus verändert?



AGENDA

# Les dates à ne pas manquer !

Il vous manque une date importante? Contactez-nous : **communication@snj.lu**




## 31.12.24
### Concours Festival des Cabanes 2025

Loscht eng Cabane ze entwerfen? Da mell deng Ekipp virum 31.12.2024 fir d'Infoversammlung zu dësem Concours un. Jiddereen tëschent 12 a 26 Joer ka matmaachen. A wann d'Jury äre Projet auswielt, da kënnt dir är Cabane am Summer 2025 am Staater Park bauen.

**Infos an Umeldung op cabanes.lu**

## 31.12.24
### Kandidatur Jugendpräis 2025

De Jugendpräis feiert seng 10 Joer an och bei dëser Editioun siche mir nees déi flottste Projeten, déi mat, fir oder vu Jugendlechen tëscht 13 an 30 Joer organiséiert gi sinn. Kandidature kënnen nach bis Enn Dezember agereecht ginn.

**Infos an Umeldung op jugendprais.lu**




## 11.01.25
### Journée d'Intro Animateur spécialisé

Den SNJ ass ëmmer op der Sich no neien Animateurs spécialisés fir déi verschidde Gruppenaktivitéiten a sengen Zentren ze encadréieren. All Jonken ab 18 Joer ka sech heifir mellen, woubäi een ëmmer fir d'éischt eng Journée d'intro muss absolvéieren. Hei kritt een déi wichtegst Informatiounen iwwer d'Roll vum Animateur spécialisé vermëttelt.

**Weider Informatiounen, Umeldung a weider Formatiounsdatumer: snj-erliewen.lu**

## Februar – Mee
### 2025: Jonk sinn. Momenter vu Jugendkultur

Wat heescht et jonk ze sinn? Wéi fillt et sech un? Wéi héiert et sech un? Wéi gesäit et aus? Jugendkultur si vill flüchteg Momenter, déi ganz grouss erlieft ginn. D'Expo ass vum 24.02.25 bis 23.05.25 am Mierscher Theater ze gesinn.

**Méi Infos op snj.public.lu/expo_jugendkultur/**

## 19.02.25
### Deng Zukunft, däi Wee

D'Infobourse fir Jonker, déi sech iwwer déi verschidden Optiounen an de Beräicher Engagement, Formatioun, Beruffer an Orientatioun wëllen informéieren. D'Editioun 2025 fënnt am Shoppingzenter Cloche d'Or statt an dës Kéier nei ass e Website mat alle relevanten Informatiounen zu den Exposanten.

**Méi Informatiounen op dzdw.lu**




## 18.03.25
### E Kaffi am Mierscher Theater

Déi 6. Editioun vum "E Kaffi am ...", den Austauschtreff fir de Jugendsecteur, gëtt den 18. Mäerz 2025 am Mierscher Theater organiséiert. Den Event fënnt am Kader vun der Expo "Jonk sinn. Momenter vu Jugendkultur" statt. Nieft enger Visitt vun der Expo ass dëst och e Moment fir mat (neien) Acteuren aus dem Kulturberäich ze networken.

**Infos an Umeldung (bis 1. Mäerz) op snj.public.lu/kaffi6/**

## 01.05.25
### Umeldung "On Stéitsch"

Kenns du Jonker tëscht 12 an 29 Joer, di wëlle weisen, wat si drop hunn? Oder wëllt dir äre Projet/Assoziatioun presentéieren? Da mellt iech lech online bis den 01.05.2025 fir den "On Stéitsch" un. Mir bidden de Jonken an dem Jugendsecteur eng Plattform, wou si am September 2025 um Festival mam Publikum a Kontakt komme kënnen.

**Infos an Umeldung op onsteitsch.lu**




## 14.06.25
### Nuit du sport

Nei Sportaarten ausprobéieren an dobäi d'Freed un der Beweegung (nei) entdecken? Op der Nuit du sport kann ee genau dat maachen an dat a ville Gemengen uechtert dat ganzt Land. Och d'Base nautique zu Lëlz mécht bei däser Editioun mat. Maach also mat a probéier aus.


**Infos op nuitdusport.lu**



## 15.06.25
### NaTOURerliefnisdag

Kommt op déi zweet Editioun vum NaTOURerliefnisdag. Och dëst Joer bidde mir nees e flotten Tour mat ofwiesslungsräiche Statiounen, fir esou déi villfälteg Natur ronderëm Huelmes ze entdecken. Een Erliefnis fir déi ganz Famill an dëst Joer organiséiert am Kader vum 50-järege Bestoe vum Jugendzenter Huelmes.

**Adress: 1, rue de Tuntange (al Schoul zu Huelmes) / L-7435 Hollenfels**




## 07.06 – 22.06.25
### JuKoWo

L'édition 2025 se déroulera du 7 au 22 juin 2025. Le vernissage est fixé au 7 juin 2025 à 19 h et la remise des prix au 22 juin 2025 à 11 h à l'Espace H2O.


Le thème de l'édition 2025 est **Solidarité**. Un jury d'experts déterminera les oeuvres retenues pour l'expo ainsi que les meilleures œuvres. Le délai de candidature est fixé au 02.02.2025.

**Suivez-nous sur les réseaux sociaux pour avoir les dernières informations !**

: @snj.lu
: @snj_luxembourg

AM GESPRÉICH







# Wann d'Animatioun stëmmt, da kritt een déi Jonk och ze paken

Fir Jonker an hirer Fräizäit kënnen uerdentlech ze encadréieren, brauch et engagéiert Leit, déi cool an ofwiesslungsräich Aktivitéiten ubidden, Stéchwuert Animatioun. Ma wat ass eigentlech eng gutt Animatioun? Dat erkläre véier Experte vum Terrain.

**Animateuren an Animatricen hu jo vill verschidde Kapen op. Wéi genee gesäit deng Aarbecht mat Jonken am Alldag aus?**

**Kim:** Ech schaffen als Educateur am Jugendhaus, wou mir en 'open doors' System hunn, dat heescht déi Jonk kënne kommen a goe wéi se wëllen. Vill kommen op Basis vun eiser Offer an eiser Präsenz a maachen da bei eise verschiddenen Aktivitéiten a Projete mat. Zu eiser Offer gehéieren Alldagsaktivitéiten a Workshops am Jugendhaus, mee mir maachen och Ausflich a Kolonien. E grousse Projet ass d'Hausaufgabenhëllef. Dëse maache mir zesumme mat der Primärschoul an der Ville de Luxembourg. Am Garer Quartier ginn et vill Ecarte bei de Leit, et ass quasi e Welteclash vu verschiddene soziale Verhältnisser an eis Aufgab ass et, dës zesummenzeféieren an ze kucken, dass dat Ganzt harmonesch ofleeft.

**Gilles:** An de Scoute benotze mir de Begrëff Animateur eigentlech net, mee mir si Cheffen, well dat Ganzt mat enger gewësser Verantwortung verbonnen ass. D'Hierarchie ass dobäi awer am Fong kee wichtegt Element. Déi méi Kleng brauche vläit nach eng gewëssen Uleedung, mee déi méi Grouss komme vill mat eegene Projeten an Ideeën an et geet och drëms, dass si kënnen autonom schaffen. Als Animateur steet een hinnen zwar berodend zur Säit, mee de Begrëff „Chef" dierf awer net genee esou verstane ginn. Et ass méi eng Evolutioun, déi stattfënnt, e 'grade de guidance', deen ee jee no Altersgrupp iwwerhëlt. Ech selwer schaffen de Moment mat engem Grupp vu Jonken ab 16 Joer. Mir organiséiere reegelméisseg Treffen, hunn normalerweis all Woch eng Versammlung, mee maachen och Vakanzen- oder Weekend-Aktivitéiten, déi méi laang daueren, zum Beispill Camps, déi da méi wéi 48 Stonnen daueren.

**Samir:** Ech këmmere mech ëm de 'Walk-in' Deel vum Makerspace Base 1 am Forum Geesseknäppchen, e Kreativraum, an deem e Pool un Expert:inne mat Jonken zesummeschafft, fir hinnen déi néideg Ressourcen ze proposéieren, déi se fir hir Projete brauchen. Bei eis nenne mir meng Funktioun 'Spacekeeper', dat heescht ech kucken, dass alles geet an alles do ass, wat déi Jonk brauchen a wëllen. Also am Fong geréieren ech den Espace a koordinéieren d'Offer, déi déi Jonk an hirer Fräizäit kënnen notzen.

**Patrick:** Ech schaffen och am Makerspace, mee mat Gruppen, déi mat engem Responsabele bei eis kommen. De base kommen ech aus dem IT-Beräich, also aus der Informatik an der Telekommunikatioun, mee hunn awer och Erzéiungswëssenschafte studéiert a wärenddeems als Animateur spécialisé fir den SNJ geschafft. Säit Mee 2023 sinn ech elo hei am Makerspace an encadréieren d'Gruppen-Workshops, wat natierlech ë bëssen anescht ass, wéi dem Samir seng Aarbecht, well bei de Gruppen och ëmmer e Responsabelen dobäi ass. Eis Offer riicht sech u Maison-relaisen, Foyers scolaires, Schoulklassen a Jugendorganisatiounen; ech gesinn also e ganz gemëschte Public, wat immens spannend ass.

> **"Als Animateur steet een hinnen zwar berodend zur Säit, mee de Begrëff „Chef" dierf awer net genee esou verstane ginn. Et ass méi eng Evolutioun, déi stattfënnt, e 'grade de guidance', deen ee jee no Altersgrupp iwwerhëlt."**
>
> **Gilles Backes**

**Wann een d'Wuert „Animatioun" héiert, ass net ëmmer ganz kloer, wat eigentlech domat genee gemengt ass. Oft denken d'Leit un eppes Einfaches, eng Aart Bespaassung, wéi een se vläit aus der Vakanz kennt. Wat ass deng Definitioun dovun a wat gehéiert alles dozou, wann een am Jugendberäich schafft?**

**Kim:** Ënner „Animateur" stelle sech vill Leit effektiv en Hotelsmännche vir, deen dech bei d'Lige siche kënnt a mat an den Aquagym hëlt. De Begrëff gëtt immens oft falsch verstanen, well an eisem Beruff geet et net just ëm Spillen, mee et stécht vill méi hannendrun. Et ass eng ganz Bezéiungsaarbecht: Du kanns esou cool sinn a sou schéin ausgesinn, wéi s de wëlls, wann s de déi Jonk net ze pake kriss, da kriss de se och net animéiert. Et hänkt also villes vun denger Perséinlechkeet of an dovun, wat fir e Gefill s de deene Jonke vermëttels. E risege Volet vun eiser Missioun ass d'Transitiounsaarbecht, dat heescht den Iwwergang vum Jugendlechen zum Erwuessenen. Do kommen Themen op wéi Uni, Aarbecht oder Wunnen, bei deene mir si begleeden.

**Gilles:** Mir bidde Jonken eng Offer un, déi se kënne wouerhuelen, mee mir sinn net do fir si just ze bespaassen, et geet och ëm dat Pedagogescht, dass si eppes léieren. Dat sinn awer net just déi 'klassesch' Scouten-Saache wéi Feier maachen oder Spuere liesen, mee virun allem och charakterlech Kompetenzen, Wäerter, déi mir hinne versichen ze vermëttelen, wéi Zesummeliewen, Solidaritéit, Konfliktléisung, perséinlech Kompetenzen an einfach dat Soziaalt. Et gëtt hei kee Richteg oder Falsch, an et ass immens wichteg, deene Jonken dat och wierklech virzeliewen, da kritt ee se motivéiert.

**Samir:** D'Zil bei eis ass ganz kloer, dass déi Jonk solle selbststänneg schaffe léieren an hir Kreativitéit entfalen, sief et elo am T-Shirt Design, der media creation, mam 3D-Drucker oder mam Lasercutter, wat elo just e puer vun eisen Outile sinn, déi hinnen zur Verfügung stinn. De Makerspace ass do, fir hinnen en Accès zu Ressourcen ze ginn, eis Expert:inne soen hinnen net, wat se maache sollen, wéi dat oft an der Schoul de Fall ass, si guidéiere se just an hëllefen, wann et e Bedarf gëtt. E groussen Deel ass also Disponibilitéit, dass een einfach do ass.





> “Ech géif och soen, dass eng wichteg Kompetenz ass, dat eegent Feier un anerer weiderzeginn.”
>
> Kim Kessler

**Wéi erreecht een dann als Animateur oder Animatrice, dass een e gudden Drot zu deene Jonken huet a se och effektiv motivéiert an animéiert kritt?**

**Kim:** Wa Jonker bei eis kommen, da stelle mir eis kuerz vir a weisen, wat et bei eis gëtt, mee déi meescht wëllen net zougetext ginn, dat heescht mir sinn do, wa si eis brauchen, mee mir belagere si awer net. Et muss ee vill Power a säin Job stiechen, present sinn a wierklech Loscht hunn, well wann net, da mierken déi Jonk dat direkt. Et ass dofir och immens wichteg deelzehuelen. Wann zum Beispill en Danzcours bei eis ugebuede gëtt, da stinn ech mat an der éischter Rei, och wann et mir peinlech ass, well dat hëlt deene Jonken d'Hemmung, selwer matzemaachen. Virun allem an der Pubertéit ass et hinne wichteg, wat anerer vun hinnen denken a wann den Educateur, dee si vläit cool fannen oder zu deem se e gudden Drot hunn, bei eppes matmécht, dann traue si sech och éischter. Et muss een dat, wat ee seet a wëll, och wierklech verkierperen.

**Gilles:** Ech mengen, et muss een effektiv d'Fäegkeet hunn, seng Passioun un anerer weiderzeginn, dat ass ganz wichteg. Duerno muss een natierlech och plange kënnen, wëssen, wat ee wëll, eng Struktur hunn an e gewëssent Zäitmanagement, mee och Flexibilitéit gehéiert dozou, dass een op Situatiounen agoen a reagéiere kann. An natierlech Verantwortungsbewosstsinn an e gewësse Virbildcharakter, well et ass kloer, dass déi Jonk op een eropkucken.

**Kim:** Ech géif och soen, dass eng wichteg Kompetenz ass, dat eegent Feier un anerer weiderzeginn. Et ass villes ‘learning by doing’, mee et muss ee virun allem ressourcenorientéiert schaffen, dat heescht du gesäis eppes an engem Jonken a gees dorop an, versichs et mat anzebréngen, da kritt en och Loscht matzemaachen.

**Patrick:** Fir mech muss e gudden Animateur virun allem sozial sinn a gär mat Mënsche schaffen, soss geet et net. Mir leie mat eisen Aktivitéiten an eiser Offer am Makerspace jo iergendwou tëscht Handwierk, Konscht an digitalen Technologien a jiddereen huet seng eege Vitesse, säin eegene Rhythmus fir virunzekommen an dat ass och ok esou. D'Aufgab vum Animateur oder der Animatrice ass et also, déi Jonk doran ze bestäerken a si ze motivéieren, dofir si mir do.

**Gilles:** Wat een och nach net vergiessen dierf, ass déi Jonk ze valoriséieren, duerch d'Erkenne vun hiren Talenter mee och duerch positive Feedback, well am schoulesche Kontext hu si vill mat negativer Bewäertung ze dinn an dat versiche mir dann an hirer Fräizäit auszebalancéieren. Eppes, wat mir nach um Häerz läit, ass d'Vernetzung och mat anere Partner:innen aus dem Secteur, dass net jiddereen a sengem Eck piddelt mee zesummegeschafft gëtt. Ech mengen dat dréit och zu enger gudder Animatioun bäi.

**Ëm wat geet et also konkret bei der Animatioun, wat ass d'Zil?**

**Patrick:** Et geet immens vill ëm d'Erliewen. De Motto vum SNJ ass jo 'Jonker staark maachen', dofir ass eisen Haaptbut no all Aktivitéit, dass si duerno an hiren Alldag zeréckgi mat engem gestäerkten, positive Gefill. Vill vun hinne soen eis 'Ech hätt net geduecht, dass ech dat kann', mee genee dat wëlle mir färderen: eng positiv Feelerkultur, an där jidderengem seng individuell Stäerkten erkannt an no vir bruet ginn. D'Animateuren an Animatricen hunn hei eng ganz kloer Virbildfunktioun.

**Samir:** Genee. Mir ënnerstëtzen déi Jonk dobäi, entweder déi Fäegkeeten anzesetzen, déi se schonn hunn, oder einfach mol eppes komplett Neies auszeprobéieren. Am Makerspace kënne si exploréieren. D'Gruppenaktivitéite sinn dofir am Fong flott fir e Grondsteen ze leeën.

**Patrick:** Virun allem bei de Gruppenaktivitéite läit et um Animateur oder der Animatrice, deen/déi déi Jonk begleet, fir hinne bannent den éischte fënnef Minutte Loscht ze maachen. Idealerweis kommen déi Jonk duerno an hirer Fräizäit dann erëm, wat der vill och maachen.

**Kim:** E grousst Stéchwuert fir mech ass effektiv, wéi de Patrick et schonn ugeschwat huet, „Erlebnispädagogik", dat heescht, dass déi Jonk eppes sollen erliewen, egal op bei inhouse oder outhouse Aktivitéiten. Iwwer allem steet heibäi ëmmer d'Participatioun. Wann eppes Neies bei eis am Jugendhaus leeft, dann oft duerch d'Stëmm an d'Loscht vun deene Jonken, déi heihi kommen. Et ass immens wichteg, dass ee probéiert, si mat an d'Boot ze huelen. Alles ass ëmmer hir eegen Decisioun. Mir kënnen hinnen Outile ginn, mee si maachen domat, wat se wëllen. Oft hu mir zwar eng Léisung fir hire Problem oder wëssen, wou de Wee kéint higoen, an awer loosse mir si gewäerden a sinn do, wa se eis brauchen.


**A wat fir en Impakt huet eng gutt Animatioun op Jonker, respektiv wat kënne si dovu mathuelen, och a spéider Liewensofschnëtter?**


**Patrick:** Ech denken, wat mir hinne mat op de Wee ginn, ass sech Erausfuerderungen ze stellen, sech ze trauen eppes Neies ze probéieren an dat well se wëssen, dass se Hëllef kréien. Anescht wéi an der Schoul gëtt et bei eis kee Richteg oder Falsch, et gëtt keng Bewäertung, well et jo drëms geet, dass si sech selwer weiderentwéckelen an eppes eegestänneg léieren. A wa mol eppes schifgeet, ass dat net schlëmm, well aus all Feeler léiert een. Eis Philosophie ass weder autoritär nach laissez-faire, eng gewësse Responsabilitéit läit awer natierlech kloer och bei de Responsabelen, déi si begleeden.

**Gilles:** Bei eis gëtt engersäits d'Zesummeliewe staark gefördert, mee och d'Kreativitéit an d'Engagement. Wann eis Cheffe mat guddem Beispill virginn an als Benevollen hir Zäit an hir Aarbecht an d'Aktivitéite vun de Scoute stiechen, da gi si dat och un déi Jonk virun. Mir hunn zum Beispill d'Konzept vun der BA, der 'bonne action'. Heimat wëlle mir Sensibilitéit schafe fir Gesten, déi d'Grupp an d'Gesellschaft insgesamt weiderbréngen, ouni dass ee perséinlech e Profit doraus zitt. Och Engagement fir d'Natur ass immens wichteg an dat sinn alles Wäerter, déi déi Jonk och herno am Liewe kënnen notzen. Dozou gehéieren dann och Saache wéi plangen, selwer aktiv ginn, sech Ziler setzen, mateneen eens ginn, awer och mat Réckschléi ëmgoe kënnen. De Scoutismus ass natierlech e grousse Jugendmouvement mat engem public cible ab fënnef Joer an enger Offer un Aktivitéiten, déi axéiert ass op Kanner a Jugendlecher, mee mir hunn och Leit, déi der 75 sinn an iergendwann selwer als Benevole Aktivitéiten ubidden. Dat ass dat Schéint bei de Scouten, dass hei jiddereen eng Plaz huet. Iergendwann bass vläit du et, deen d'Fakel iwwerhëlt an dat Ganzt weiderféiert.

"Mir ënnerstëtzen déi Jonk dobäi, entweder déi Fäegkeeten anzesetzen, déi se schonn hunn, oder einfach mol eppes komplett Neies auszeprobéieren."

Samir El Ouardi





> "Et fält och oft de Saz 'Dat geet net!' an do kënnt dann eng gutt Animatioun an d'Spill."
>
> **Patrick Everard**

**Wat fir Challengë begéins du an denger Struktur a wéi gees du domat ëm?**

**Kim:** Eng generell Erausfuerderung gesinn ech an der Motivatioun vun deene Jonken. Si sinn haut immens ofgelenkt am Alldag, ginn nonstop iwwerflut mat neiem Input an Informatiounen, soudass et fir si oft schwéier ass, sech just op eng Saach ze fokusséieren. Mir versichen dofir aus dem klassesche Schoulsetting erauszekommen, well am Jugendhaus baséiert sech jo alles op Fräiwëllegkeet. Et ass wichteg, hinne genuch Fräiraum ze gi fir och einfach emol näischt ze maachen, well hinne fält et oft schwéier, ofzeschalten. Als Animateur ass dat eng Aart Balanceakt, well mat senger Präsenz am Jugendhaus seet e Jonke jo am Fong, dass en un eppes deelhuele wëll, heiansdo wëll en awer och einfach just seng Rou hunn, egal ob mir als Ekipp eng Aktivitéit geplangt hunn oder net. Jonker weise mat hirer Kierpersprooch genee, wéi se sech grad fillen an eis Aufgab ass et, eise spezialiséierte Brëll unzedoen an dat ze filteren.

**Gilles:** E groussen Challenge ass bei eis ganz kloer den Nowuess. A ville Gruppe gëtt et eng Waardelëscht, well mir net genuch Cheffen hunn. Eist Mouvement speist sech natierlech aus dem Benevolat an et ass net méi esou liicht, Leit dofir ze begeeschteren, hir Fräizäit an eppes ze investéieren. Mir sinn dofir amgaangen, eis vill Froen ze stellen an och den Image vum Scoutismus ze hannerfroen, dee vläit heiansdo e bësse veraalt wierkt.

**Samir:** E grousse Facteur bei eis ass d'Schoul, déi e risegen Impakt drop huet, wéi oft a wéi laang Jonker kommen. Virun allem am sechste Schouljoer, wann d'Epreuvë bis ufänken, verschwannen der vill, an op 7ème kommen da just nach déi 'staark' Schüler:innen zeréck. De Probleem ass vläit, dass dat, wat si hei erliewen, net esou quantifizéierbar ass wéi op anere Plazen. D'Kompetenzen, déi déi Jonk hei kréien, stinn duerno op kenger Zensur an do ass et heiansdo schwéier, mat aneren Aktivitéiten ze konkurréieren. Wat mir maachen, ass also Froen ze stelle fir novollzéien ze kënnen, vu wou déi Jonk kommen, wat hiren Dagesoflaf ass a wat si kéint interesséieren, fir dann dat kënnen unzebidden, wat bei si an hiren Alldag passt.

**Patrick:** Fir eis ass et dowéinst immens wichteg, eis Offer konstant unzepassen, dofir froe mir och no all Aktivitéit Feedback, deen dann do mat afléisst. En Challenge, deen ech bei de Gruppe gesinn, sinn déi generell kuerz Opmierksamkeetsspane vu ville Jonken an déi wéineg Gedold. Et fält och oft de Saz 'Dat geet net!' an do kënnt dann eng gutt Animatioun an d'Spill. Wann e Jonken ufänkt frustréiert ze ginn, dann ass et u mir ze soen, dass vläit net alles direkt klappt oder einfach ass, mee ech do si fir ze hëllefen an dat Ganzt mat dem Jonken zesummen unzepaken.

**Als Animateur oder Animatrice gëtt ee jo mat ville Suergen a Froe vun deene Jonke konfrontéiert. Wéi zitt een do d'Grenz zu deem, wat net méi an den eegene Kompetenzberäich fält?**

**Kim:** Dat ass net ëmmer sou einfach, well du gëss effektiv mat allem konfrontéiert. Als sozial engagéiert Persoun ass et net evident, engem, dee mat senge Suerge bei dech kënnt, ze soen e misst elo bei eng aner Persoun domat goen, well mir hu jo all e gewëssene Begleeder-Instinkt. Eng grouss Roll spillt hei de Volet Bezéiung: Jonker wëlle vläit net ëmmer mat engem Onbekannte schwätzen, och wann deen am Fong en/eng Expert:in ass, mee einfach mat der Persoun, déi se kennen an déi grad virun hinne steet. Als Animateur sinn ech awer net dra geschoult, engem ze hëllefen, dee sech ritzt, an ech kann och kee bei der Hand huelen a bei e Patron goen, mee oft geet et schonn duer, einfach emol nozelauschteren. Et ass eben e Balanceakt fir ze wëssen, wéi wäit ee sech abanne kann a soll.

**Gilles:** Ech denken, do spillt de Volet Präventioun eng grouss Roll. Bei de Scouten hu mir zum Beispill de Projet *Auris*, bei deem Jonker sech anonym melle kënnen a mat anere Jonken iwwer alles schwätzen, wat si bedréckt. Hei gëtt och vill thematiséiert, dass Saachen net sollen tabu sinn an ee sech anere Leit ëffne kann, fir dass et hinnen herno vläit méi liicht fält, sech bei der richteger Ulafstell ze mellen. Mee natierlech stoussen och mir als Animateuren do deels un eis Grenzen, de Virdeel ass awer, dass mir konstant a guddem Kontakt mat den Eltere stinn an déi och a villes agebonne ginn. Mir sinn awer ganz kloer net geschoult dran, fir op all Konflikter oder Verhalensopfällegkeeten ze reagéieren, dat fält dann net méi ënner de Volet vun der Animatioun.

**Kim:** Ech mengen, dat Wichtegst ass a bleift, einfach do ze sinn an en oppent Ouer ze hunn. Oft geet et schonn duer, dass een einfach present ass. Mir ginn deene Jonken engersäits Réckhalt, fir dass kee sech eleng fillt, a si gläichzäiteg hiert Sproochrouer an Ënnerstëtzer, dat ass fir mech mat dee wichtegste Volet vun Animatioun.





- De Gilles Backes war selwer als Kand bei de Scouten an ass haut als Benevole bei den Dippecher Dachsen aktiv. Mat 16 Joer huet hien d'Formatioun gemaach, fir Chef ze ginn, de Scouten-Begrëff fir Animateur. Am Moment leet hien e Grupp vu Jonken ab 16 Joer, bilt nei Cheffen aus an ass zanter zwee Joer an der Fédération Nationale des Éclaireurs et Éclaireuses du Luxembourg (FNEL) als Commissaire aux louveteaux, dat heescht Uspriechpartner fir d'Altersgrupp vun de Wëllefcher, spréch Kanner vun aacht bis eelef Joer.

- De Samir El Ouardi a Patrick Everard schaffe béid am Base 1 Makerspace vum SNJ am Forum Geesseknäppchen. De Samir ass zoustänneg fir d'Walk-ins, dat heescht déi Stonnen, wärend deene Jonker tëscht 8 an 30 Joer selbststänneg am Makerspace un hire Projete schaffe kënnen. De Patrick këmmert sech ëm Gruppen, déi fir eng Aktivitéit an de Makerspace kommen oder e Workshop buchen. Als "Spacekeeper" si si engersäits zoustänneg fir d'Virbereedung vum Raum, virun allem awer fir d'Testen an Adaptéiere vun der Offer an d'Begleedung vun deene Jonken, wa se am Makerspace sinn.

- De Kim Kessler ass ee vun dräi Educateuren am Jugendzentrum "Am Quartier" vu Caritas Jeunes et Familles an der Stad. Hie schafft hei mat senger Ekipp reegelméisseg nei Aktivitéiten, Workshops, Projeten an aner Fräizäit-Offere fir 12- bis 30-Järeger aus, déi hien deelweis och leet. Als Educateur ass hien en direkten Uspriechpartner fir déi Jonk, déi an d'Jugendhaus kommen an hëlleft hinnen ënner anerem bei Alldagsfroen, Liewensprojeten an der Sich no der richteger Ulafstell fir hir Uleies.







# Den SNJ am Austausch mam Jugendsecteur

Den SNJ sicht den Dialog mam Jugendsecteur, well nëmmen am Austausch mat den Acteuren um Terrain ka sech de Secteur weiderentwéckelen. Den Dialog betrëfft esou wuel den allgemenge Kader vun der Jugendaarbecht wéi d'Praxis.






Den Austausch iwwer den allgemenge Kader betrëfft d'Gesetzer, Reglementer, Direktiven an d'Finanzementer vum Jugendberäich a geschitt iwwer:

- de **Comité de pilotage „Jeunesse“**, wou de Ministère/SNJ, d'Gemengen an d'Gestionnairen, resp. d'Responsabel vun de Jugendorganisatioune sech begéinen an d'Echange koordinéieren. Nieft den uewe genannten Themen, ginn och aner Sujeten diskutéiert: Trends bei de Jonken, d'Resultater vu Fuerschungen iwwer d'Situatioun vun de Jonken an hir Besoinen. De Comité de pilotage "Jeunesse" wäert wéinstens zweemol am Joer zesummekommen.
- donieft wäert et och **spezifesch Plattforme** ginn, wou méi am Detail mat de Gestionnairë vu Jugendhaiser, Jugendwunnen oder Formatiounsangeboter fir Animateuren diskutéiert an de Kader gesat gëtt. Dës spezifesch Plattforme sollen zweemol d'Joer stattfannen.

Fir den Austausch iwwer d'Praxis ginn et och verschidde Plattformen:

- déi **regional Netzwierktreffen**, déi vum SNJ aberuff ginn, bidden eng Plattform fir den Austausch tëscht de Jugendhaiser. Hei kënnen d'Educateuren an Educatricë sech iwwer praktesch Erfarungen, nei Initiativen an d'Vernetzung an hire Regiounen austauschen. Dës Reunioune fanne pro Regioun zweemol am Joer statt.
- op de **spezialiséierten Netzwierktreffe** gëtt den Austausch tëscht Servicer gefërdert, déi sech mat spezifeschen Dossiere befaassen, wéi z. B. Jugendwunnen, opsichend Jugendaarbecht a Jugendinfo. Dës Versammlunge ginn och vum SNJ initiéiert an déngen als Plattform fir den Austausch vu gudder Praxis an neien Initiativen an dësen Domainen.
- Beim **E Kaffi am ...** geet et drëm, nei Ustéiss an engem spezifeschen Domaine vun der Jugendaarbecht ze ginn. Dëse Rendez-vous ass och zweemol d'Joer.

D'**Assises du Secteur de la Jeunesse** sinn de järleche Rendez-vous, wou mir mat allen Acteuren, déi mat dem Jugendsecteur ze dinn hunn, den „Etat des lieux" maachen a kucken, wat déi nächst Schrëtt sinn. Et ass och d'Geleeënheet, fir gréisser Trends an engem grousse Krees ze diskutéieren.

"D'Assises" stellen eng besonnesch breet Plattform fir d'Consultatioun vun allen Acteuren duer, déi mat der Jeunesse ze dinn hunn – dorënner Organisatiounen, Servicer, Gemengen a Fuerschungsinstituter. Dës Versammlung gëtt eemol am Joer organiséiert.

# ECHANGE MAM SECTEUR

**Den SNJ war ënnerwee a wollt vun de Jonke wëssen, wat si am léifsten an hirer Fräizäit maachen.**

## >>> Ech verbrénge meng Zäit am léifsten...

Mat Kolleegen oder halt [...] am Sportsclub.

Bei de Pompjeeën. Ech rette gäre Persounen an ech sinn am gaangen ze léieren fir nächst Joer Pompjee-Stagiaire ze ginn.

Mat Kolleegen oder doheem mat der Famill.

Am Sport, awer och gär doheem, well ech gäre bastelen a molen.

Als Schüler [...] verbréngen ech oft meng Fräizäit a verschidden Organisatiounen wéi dem Jugendparlament, bei Unicef als Unicef Youth Ambassador, mee awer och beim Sport maachen.

## >>> Mat menge Frënn verbréngen ech meng Fräizäit am léifsten...

No der Schoul kommen ech ëmmer [...] Jugendhaus. D'Jugendhaus ass sou wéi den zweeten Heem sou du fills dech wuel an d'Educateure sinn och déi bescht, wierklech déi bescht.

Ech ginn an d'Stad iessen, Schueberfouer wann eppes lass ass, de Chrëschtmaart, deemnowéi akafen.

Ausserhalb der Schoul treffen ech mech gär am Kino mat menge Kolleegen oder einfach an der Cloche d'Or fir ze shoppen.

Mat Fréndinne ginn ech scho méi oft shoppen an d'Cloche d'Or mee soss einfach spadséieren duerch d'Stad [...].

Mir ginn an de Kino oder mir ginn och heiansdo einfach an en Akaafszenter, heiansdo bëssen ronderëm trëppelen, bëssen d'Stad onsécher maachen.

## >>> Ech géing mir fir d'Jugend wënschen...

[...] Ech géif gäre méi Danzsäll gesinn, well ech gären danzen an och gratis Danzsäll, net ëmmer bezuelen, well meeschtens muss ee bezuele fir een ze kréien.

Ech fannen et kéint ee méi Saache fir méi Jugendlecher an d'Gemeng maachen, well soss et ginn et ëmmer just Kannerspillpla-zen, vläit bësse méi [...] fir halt méi grousser.

Oft feelt et einfach u sou Plazen, wou ee kann zesummen iergendwéi Zäit verbréngen. Dat muss näischt Extraes sinn [...] wann et iergendwéi eng Plaz ass, wou's de owes zesumme kanns Zäit verbréngen oder Saache spillen [...] einfach Saachen, déi ee gär mécht, awer wou ee weess, dass dat awer eng Plaz ass, wou vill Jugendlecher ëmmer zesummekommen.

Dat ass eng gutt Fro, ech denken eng Plaz, wou [...] generell einfach méi Jonker sinn [...] einfach eng Plaz, wou ee Leit a sengem Alter méi trefft.

Den SNJ huet deene Professionellen aus dem Jugendsecteur e puer Froen zu hirer Aarbecht gestallt.

## >>> De Jugendsecteur ass fir mech...

Divers, extrem wichteg, villfälteg, an ech mengen och spannend.

Eng Plaz, wou ganz vill Jonker zesummekommen mat all hiren Iddien a mat hirer Kreativitéit, déi si do entfale kënnen am Fong.

Wichteg, well déi Jonk einfach eng Plaz brauchen, wou si kënne si selwer sinn.

E Secteur, deen immens dynamesch a proaktiv muss sinn, fir wierklech déi Jonk op deene verschiddenen Ebenen ofzehuelen […].

Nach ausbaufäeg.

Ee vun deene wäertvollste Pilieren hei an der Gesellschaft, well et einfach wichteg ass, de Jonken ze stäerken.

## >>> Ech si Jugendaarbechter:in ginn, well...

Ech ganz Jonk […] a Jugendhaiser ënnerwee war an am Fong, ech gouf do ënnerstëtzt an ech krut do gehollef vun Educateuren an Educatricen an ech denken dat huet mech inspiréiert an dofir sinn ech och an dee Beräich ergaangen […].

Ech déi Jonk op hirem Wee wëll begleeden an hinne weiderhëllefen.

Ech fannen et immens wichteg, déi Jonk an hirem Liewen och opzefänken an hinnen einfach och ze weisen, wat een alles sou erreeche kann.

Ech dat mega spannend fannen, mat Jonker ze schaffen, well si eis ëmmer weiderhin inspiréieren.

Ech wëll, dass déi Jonk sech besser an der Gesellschaft enges Dages kënnen integréieren an alles mat huele kënnen u Servicer, un all den Offeren, déi et hei zu Lëtzebuerg ginn.

## >>> Mat Jonken ze schaffen, bedeit fir mech...

[…] Ech fannen et immens wichteg och ze gesinn wéi déi Jonk sech entwéckelen, dass ëmmer flott ze gesinn, wa se hir Defien, déi se hunn a mat deene se bei ee kommen, wa se déi och packen.

Spaass, ech léiere mega vill vun hinnen, schéi Momenter erliewen an immens pur Momenter, authentesch. Voilà.

Eng grouss Freed, well et ass flott si op hirem Wee ze begleeden.

Dass ech ëmmer spontan, kreativ a flexibel muss kënne reagéieren.

Am Fong geholl schaffen ech net mat hinnen, am Fong geholl begleeden ech si a si begleede mech. Et ass am Fong sou eng win-win-Situatioun. Et ass einfach schéin, et ass abenteuerlech, dass einfach liewen.

[…] Ofwiesslung, Flexibilitéit, selwer jonk bleiwen, Freed um Liewen […].

CODE HUNTERS
Escape Game

BEE SECURE
BASE 1

# Code Hunters - Escape Game

## FIND THE KEY, FIND THE FILE

***Forum Geesseknäppchen***

**Ee geheimt Dokument, eng Course géint d'Zäit...**
...en Escape Game dee Jonker iwwert de Schutz vu perséinlechen Daten an der digitaler Welt opkläert.
E Renne géint d'Zäit, Léise vu Rätselen a Cybersecurity-Challengen wou staark Nerven an Teamgeescht gefrot sinn!

**Buchung an Infos**

Fir Schoulklassen aus dem Secondaire an ausserschoulesch Gruppen (Jugendhaiser, Foyeren, ...) (+12 Joer)

**bee-secure.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service national de la jeunesse

Cofinancé par
l'Union européenne